N°4504
Entrée le 21.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 21.07.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 21. Juli 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit weiderzeleeden:

„De Gesondheetszoustand vum Bësch zu Lëtzebuerg ass allgemeng beonrouegend. Déi aktuell héich Temperature setze besonnesch deene Beem zou, déi souwisou scho Schwieregkeeten hunn, fir sech un déi aktuell Wiederkonditiounen unzepassen. Fir de Bësch an och allgemeng fir d'Beem an der Zukunft méi resilient ze maachen, lafen aktuell Studie vum *LIST* souwéi och Aktioune fir Beem vu verschiddene Kulturen unzeplanzen, fir esou d'Erhale vun de Bëscher iwwert déi kommend Generatiounen eraus ofzesécheren.

An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit follgend Froe stellen:

- Wéi eng Kulturen hu besonnesch Problemer bei extreme Wiederkonditiounen (laang Dréchenten, Canicullen oder Staarkreen)?
- Wéi eng Kulturen sinn an den aktuelle Wiederkonditioune méi resistent?
- Wéi eng Kulture rekommandéiert den Här Minister de Gemengen an de Privatleit an den nächste Méint a Jore verstäerkt auszebauen? Wat fir finanziell Hëllefen sinn do genee virgesinn?“

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Luc EMERING
Deputéierten